N° 8113
Entrée le 25.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8113 vum 28. Juni 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.**

***Gëtt et mëttlerweil e Projet, deen eng Erneierung vun dësem Streckenofschnëtt virgesäit?***

Den aktuellen Zoustand vum Belag ass dorop zeréckzeféieren, dass d'Gemeng Groussbus um CR306 ënnerierdesch Infrastrukturen erneiert huet.

Mëttlerweil gëtt et effektiv ee Projet fir dëse Streckenofschnëtt ze erneieren.

Allerdéngs ass dat ee Projet vun der Gemeng, deen ënnert anerem och virgesäit Parksträifen, Zebrasträifen, Grénganlagen, asw. ze amenagéieren.

***Wa jo, wat wier de Käschtepunkt dovunner an a wat fir engem Mooss misst d'Gemeng sech dorunner finanziell bedeelegen?***

Doduerch datt dëse Projet vun der Gemeng ausgefouert gëtt, ginn d'Käschten eleng vun der Gemeng gedroen.

***Wéini kéinten dës Aarbechte spéitstens ufänken?***

Well dës Aarbechten net vun der Stroossebauverwaltung duerchgefouert ginn, ka vu staatlecher Säit net gesot gi wéini dës Aarbechten ufänke wäerten.

Et sief awer unzemierken datt d'Gemeng schonn eng "Permission de voirie" fir hire Projet ausgestallt kritt huet.

Lëtzebuerg, de 25. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch